N° 7687
Entrée le 01.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.03.2023

adr
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Mäerz 2023

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Mobil Medie gehéieren haut zum Alldag vun de Schüler. Iwwer de Pro a Kontra vun der fréier Medienerzéiung am Unterrecht ginn et reegelméisseg Diskussiounen. Vill Kannerdoktere si vu gesondheetlechen a psychologeschen Niewewierkungen iwwerzeegt (Kappwéi, ADHS, psychesch Erkrankungen). D'Schüler wieren oft iwwerfuerdert vun de quasi endlosen Informatiounen a Méiglechkeete vun den Apparater. Och d'Argument, datt et wichteg wier, fir d'Kanner sou fréi wéi méiglech un déi digital Technik erunzeféieren, fir datt si sech spéider an enger vollstänneg digitaliséierter Aarbechtswelt zurechtfannen, gesi Gesondheetsexperte kritesch. Oft wier souguer de Géigendeel festzestellen. Jee méi a jee éischter mobil Mediennotzung an der Schoul, desto gréisser d'Warscheinlechkeet, datt d'Kanner mam Liewen a mat den neie Medien net gutt eens géife ginn.

An deem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt et fir déi physesch a séilesch Gesondheet vun de Kanner a Jugendlecher wichteg wier, de Gebrauch vu mobile Medien an de Schoulen op e strikte Minimum, dee pedagogesch begrënnt muss sinn, ze reduzéieren?
2) Ginn et Iwwerleeungen, fir all Form vun net-pedagogescher Notzung vun Tablets an den ëffentleche Schoulen ze verbidden bzw. vun den IT-Servicer blockéieren ze loossen, sou wéi dat, eisen Informatiounen no, elo schonns an de meeschte Privatschoule gehandhaabt gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7687 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

D'Schoul ass eng Plaz, wou Kanner a Jonker op d'Liewe virbereet ginn. Am Kader vun deeër Missioun ass den Asaz vu Methoden, Outilen a Programmer pedagogesch begrënnt. Well souwuel d'Léierpersonal, wéi och dat edukatiivt Personal an de Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend sech absolut bewosst sinn, datt en exzessive Gebrauch vu Bildschiermmedien net gutt fir d'Entwécklung vum Mensch ass, gëtt heirop och besonnesch opgepasst. Am Schoulalldag suergen d'Enseignanten dofir, datt d'Kanner just fir bestëmmte Léieraktivitéiten op digital Medien zréckgräifen, an zwar do, wou dës Outilen e Virdeel am Léierprozess duerstellen a Méiglechkeete bidden, déi aner pedagogesch Materialien net hunn. Et wier schued, dee Gewënn net ze notzen, mee wéi bei allem, ass et eng Fro vun der Doséierung a vum Gläichgewiicht. Dofir gëtt an der Schoul ganz vill Wäert op villfälteg Methode geluecht, op Sport a Beweegung, op kreativ Aktivitéiten an op dat gemeinsamt Léieren am Grupp.

Et ginn eng Rei Initiativen, déi souwuel d'Enseignantë wéi och d'Eltere ganz geziilt doriwwer informéieren, wéi si mat de Kanner zesummen dofir suerge kënnen, datt d'Bildschiermzäit sënnvoll a mat Mooss genotzt ka ginn. Dëst ass just ee Volet vu villen, deen z.B. am Kader vum neie Projet *Eltereforum.lu*, deen den Educatiounsministère viru kuerzem lancéiert huet, thematiséiert gëtt. D'Elterefore si Plazen, op deenen all d'Eltere sech austauschen, informéieren a begleede loosse kënnen.

Zanter ville Joren hëlleft d'Initiativ BEE SECURE vum Service national de la jeunesse (SNJ) a vum Kanner-Jugendtelefon de Kanner an den Erwuessenen mat villen interessante Campagnen, ee verantwortungsvollen Ëmgang mat den digitale Medien ze entwéckelen. An deem Zesummenhang sief och nach eemol un hir Campagne *Les écrans en famille* erënnert. Doriwwer eraus ass d'Equipe vu BEE SECURE d'ganzt Joer iwwer an de Schoulen ënnerwee, fir eng ganz breet Palette vu Sensibiliséierungsaktivitéite am Beräich vun den digitale Medie mat de Schüler vun der Grondschoul an de Lycéeën duerchzeféieren.

**Ad 2)**

Neen, esou Iwwerleeunge ginn et aktuell net, well e generellt Verbidden net de richtege Wee ass, fir Jonker staark ze maachen. Mee d'Schoule maachen sech am Kontext vun hire Profiller natierlech Gedanken, wéi si mat deem héije Mediekonsum ëmgoe sollen. Souwuel am Enseignement fondamental wéi am Enseignement secondaire ass de Gebrauch vu Smartphone an Tablette fir privat Zwecker wärend dem Unterrecht verbueden. An de Schoule ginn et Ulafstellen, z.B. am SePAS, an och aner lokal Initiative, fir de Schüler eng Hëllef a punkto Mediekonsum unzebidden. Schlussendlech däerf

een net vergiessen, datt d'Schüler och an de Coursë selwer sensibiliséiert ginn, sief et am Kader vun der Aféierung vum Coding an dem Schaffe mam Mediekompass an der Grondschoul oder nach am Cours *Digital Sciences* am Lycée.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH